

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Eine Fuchsstudie und ihre Folgen*" deen de 27. Mee am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt den Ëmweltministère mat dem Auteur vun enger franséischer Etude déi sech mat der Auswierkung vun der Fuussejuegd befaasst huet, zu der Interpretatioun vu senge Resultater iwwer Kräiz läit. Den Auteur reprochéiert der Regierung eng "*interprétation abusive en prétendant que la chasse faisait augmenter la prévalence*". Sou wéi et am Artikel heescht, huet den Ëmweltministère sech an insgesamt zwee Bréiwer un de franséische Landwirtschaftsministère adresséiert, fir säi Mëssfallen iwwert dës Interpretationsdivergenzen auszedrücken. Dëst, well dovun ausgaange gouf, datt et sech beim genannten Auteur ëm e Beamte vun der franséischer Regierung gehandelt hätt, wat awer tatsächlech net de Fall war. Trotzdeem ass dës Schratt vun der Regierung fir den Auteur net unni Konsequenze bliwwen. Déi franséisch Regierung huet der "entente de lutte et d'intervention contre les zoonoses" där de Mann ugehéiert, déi finanziell Ënnerstëtzung entzunn, wat sech och nodeeleg op déi wëssenschaftlech Aarbecht auswierkt.

An deem Zesammenhang géife mir der Madamm Ëmweltminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi reagiert d'Madamm Minister op déi am Lëtzebuenger Wort duergestallte Mëssstänn? Gesäit d'Madamm Minister heiran en Agrëff an déi wëssenschaftlech Fräiheet? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6291 vum 2. Juni 2022 vun den éierwäerten Deputéierten Här Fred Keup an Här Jeff Engelen iwwert "Étude dans le cadre de l'interdiction de la chasse au renard"

Wéi reagéiert d'Madamm Minister op déi am Lëtzebuenger Wort duergestallte Mëssstänn? Gesäit d'Madamm Minister heiran en Agrëff an déi wëssenschaftlech Fräiheet? Falls net, firwat net?

Et ass wichteg, de Sachverhalt an domat den Inhalt vun de Bréiwer ze erklären. An de Bréiwer vun der Naturverwaltung (ANF) un de franséische Landwirtschaftsministère zu Paräis gouf d'Fro opgeworf, wéi et méiglech wier, dass ee Co-Auteur vun engem wëssenschaftlechen Artikel d'Resultater vun eben deem Artikel, deem e jo selwer validéiert huet (duerch de Fait dass hien acceptéiert huet Co-Auteur ze ginn), ëffentlech kontestéiert, esou wéi dat op enger Presentatioun zu Lëtzebuerg vum Artikel, déi den Haaptauteur gemaach huet, geschitt ass.

Ech hu keng Kenntnis driwwer, ob déi franséisch Regierung der "entente de lutte et d'intervention contre les zoonoses" déi finanziell Ënnerstëtzung entzunn huet. Gläichzäiteg ass awer dovunner auszegoen, dass eng souverän Regierung net esou eng Decisioun op Basis vu Bréiwer vun enger auslännescher Verwaltung géif huelen, mee hier eege Begrënnungen an Argumenter huet dëst ze maachen.

Et ass op alle Fall vu Säite vun der ANF keen Agrëff an déi wëssenschaftlech Fräiheet gemaach ginn. De MECDD an d'ANF leeë vill Wäert op Wëssenschaftlechkeet an soumat och op d'Fräiheet vun der Wëssenschaft. Et sief dobäi gesot, dass d'ANF sech hieren am Bulletin Technique Nr. 7 (S. 30-31) publizéierte Resumé vun der besoter Etüd vum Haaptauteur vun der Etüd schrëftlech confirméiere gelooss huet.

Lëtzebuerg, de 5. Juli 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung